05/2022

# de bulletin



**Editorial vum Patrick Remakel**
Pressekonferenz
Rentrée syndicale
SNE/CGFP 2022-2023

**Resolutioun**
vum SNE/CGFP
zur Aféierung vum e-Bichelchen

**SNE seniors**
Al Schoulen - neit Liewen
Duerscht / Dorscheid
vum Gilles Hoffmann

**Buchtipp**
Kinder & Mathematik
Was Erwachsene wissen sollten
vum Vanessa Schetgen

75 sne
syndicat
national des
enseignants
cgfp

Fir Iech,
mat Iech,
zesumme
méi staark!


ROOM
Luxembourg
- Schulmöbel
- Bibliotheken
- Kindergartenmöbel
- Themenräume
- Konferenzräume
11, Um Lënsterbierg - L-6125 Junglinster - Tel: 288 00 11 - info@room-luxembourg.lu - www.room-luxembourg.lu

# Sommaire

debulletin
5/2022

02 Editorial vum Patrick Remakel
Pressekonferenz
Rentrée syndicale SNE/CGFP 2022-2023

08 Resolution vum SNE/CGFP
zur Aféierung vum e-Bichelchen

11 Solidarité
internationale

12 Accès à l'échelon 14
Les enseignants bénéficiant d'un service à temps
partiel ou de divers congés sont désavantagés

14 Question parlementaire : „Quereinsteiger"

16 Question parlementaire : „e-Bichelchen"

18 Formatioun continue IFEN
Animal Horror Cinema

20 Den SNE/CGFP invitéiert
Komm mat an de Kino!

30 SNE seniors
Déi positiv Wierkunge
vun der Uechtsamkeet/Mindfulness
op d'Gehieralterung

34 Kinder & Mathematik
Was Erwachsene wissen sollten
Buchtipp vum Vanessa Schetgen

# Éditorial

## Pressekonferenz

### Rentrée syndicale SNE/CGFP 2022-2023

#### Begréissung

Dir Dammen an dir Häre vun der Press, et freet mech lech allegueren am Numm vum SNE/CGFP op eiser Rentréespressekonferenz begréissen ze däerfen. Nodeems dës déi lescht Joren ëmmer am Kader vun der LuxDidac organiséiert gouf, ass dat dëst Joer net de Fall. Dofir gëtt et awer e gudde Grond. D'LuxDidac gëtt dëst Joer nämlech net méi am September am Kader vun der Schoulrentrée, mee am Juni géint dem Enn vum Schouljoer organiséiert.

#### 1. Rentrée 2022/2023

D'Rentrée 2022/2023 stoung, gottseidank, dës Kéier net méi am Zeeche vun der Covid 19-Kris. D'Enseignantë waren erliichtert, sech am Summer net hu missen iwwer Masken, Tester oder A-B-Gruppe Gedanken ze maachen.

Mir hoffen, dass dat weiderhin esou bleift.
Jo, d'Enseignantë ware frou, sech am Virfeld vun dëser Rentrée exklusiv op pedagogesch Themen kënnen ze konzentréieren.

Mat dëser Rentrée kënnt et zu zwou Neierungen an eise Schoulen:

- Déi flächendeckend gratis Hausaufgabenhëllef gëtt ageféiert.
- E Pilotprojet mat der Méiglechkeet vun enger Alphabetiséierung op Franséisch gouf lancéiert.

#### Zur Hausaufgabenhëllef

D'lescht Joer hunn ech nach op der Pressekonferenz gesot, dass fir dës Offer am Fong just d'Schoul oder d'Maison-relaisen zoustänneg kéinte sinn. Den SNE/CGFP, deen ëmmer gefuerdert huet, dass dës Tâche net och nach vun der Schoul an dem Léierpersonal assuréiert misst ginn, ass op jiddwer Fall erliichtert an zefridden, dass de Ministère op de Wee gaangen ass, der Maison relais dës Missioun unzevertrauen.

Parallel zu der Hausaufgabenhëllef soll awer och dat sougenannten e-Bichelchen agefouert ginn, dat d'Kommunikatioun tëschent der Schoul, der Maison relais an den Elteren assuréiere soll.

Den SNE/CGFP kann et novollzéien, dass och bei der Hausaufgab eng gutt Kommunikatioun tëscht Schoul an/oder Maison relais oder Famill vu grousser Wichtegkeet ass.

Mee wien elo mengt, dës Kommunikatioun wär bis elo inexistent gewiescht, deen iert sech gewalteg.

Jo, och scho virun dësem Schouljoer huet d'Léierpersonal mat der Maison relais oder der Famill iwwer divers Kanäl matenee kommunizéiert. Dës Kommunikatioun ass wichteg an néideg, mee iwwert wéi ee Kanal dat geschitt, dat misst dem Minister dach am Fong ganz egal sinn. Firwat solle funktionéierend, iwwer Jore bewäerte Kommunikatiounsweeër tëschent




der Schoul an den anere Schoulpartner elo op eemol ofgeschaaft ginn, nëmme fir engem e-Bichelche Plaz ze maachen? Den SNE/CGFP verlaangt, dass et den Enseignantë misst fräigestallt bleiwen, op wéi eng Manéier si mat den Elteren an der Maison relais kommunizéiere wëllen, net nëmmen dëst Joer, mee och an Zukunft. De Gebrauch vum e-Bichelche sollt also fakultativ sinn a bleiwen, an ee vu ville méigleche Kommunikatiounsweeër sinn, déi ee benotze kann.

**D'Rentrée 2022/2023 stoung, gottseidank, dës Kéier net méi am Zeeche vun der Covid 19-Kris**

#### Komme mer elo zur Alphabetiséierung op Franséisch

Den SNE/CGFP ass sech der Sproocheproblematik zu Lëtzebuerg bewosst an ass och op fir eng Flexibiliséierung vun der schoulescher Offer am traditionelle Lëtzebuerger Schoulsystem. Obwuel den Här Minister dat Wuert «traditionell» beim lëtzebuergesche Schoulsystem jo net gär huet.

Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass d'Lëtzebuerger Schoul sech un d'Diversitéit vun de Schüler an hire Besoinen upasse soll.

Onofhängeg vum sproochlechen Hannergrond muss all Schüler seng Plaz am ëffentleche Lëtzebuerger Schoulsystem fanne a jidderee muss kënne beschtméiglech geférdert ginn.

An den Ae vum SNE/CGFP ass et e Fakt, dass den aktuelle Schoulsystem net méi op all Schüler aus eiser Populatioun passt.

Fir ze verhënneren, dass nieft der ëffentlecher Lëtzebuerger Schoul de Parallelsystem vun internationalen ëffentleche Schoulen nach méi ausgebaut gëtt an domadder och d'Gefor vun enger Parallelkultur wiisst, ënnerstëtzt den SNE/CGFP déi politesch Decisioun, fir d'« Offre scolaire » vum traditionelle lëtzebuergesche Schoulsystem auszebauen.

Dobäi kann d'Alphabetiséierung op Franséisch eng vun de méigleche Piste sinn, fir Schüler mat anere sproochleche Besoinen an der Lëtzebuerger ëffentlecher Schoul ze halen.

Den SNE/CGFP huet awer och scho Fuederungen an eng Rei No-Goen zu dësem Projet:

- Den SNE/CGFP schwätzt sech kategoresch dergéint aus, dass an enger eenzeger Klass eng parallel Alphabetiséierung an deenen zwou Sproochen duerchgeféiert gëtt. Den SNE/CGFP fuerdert d'Schafe vu getrennte Klassen, entweder mat enger Alphabetiséierung op Däitsch oder mat enger Alphabetiséierung op Franséisch.

  An den Ae vum SNE/CGFP ass et nämlech onméiglech, dass en Enseignant gläichzäiteg déi zwou grouss Erausfuerderunge mat Erfolleg ugoe kann.

- Fir den SNE/CGFP muss et och ëmmer garantéiert bleiwen, dass Elteren am selwechte Schoulgebai, ob grouss oder kleng, de Choix hunn, ob hiert Kand op Däitsch oder op Franséisch alphabetiséiert soll ginn.

- Fir den SNE/CGFP bleift et vun extrem grousser Wichtegkeet, dass um Enn vum Zykel 4.2 all d'Kanner, egal ob si op Franséisch oder op Däitsch alphabetiséiert goufen, erëm gemeinsam op enger Schinn virufuere kënnen, fir dass hinnen all d'Méiglechkeeten am « Enseignement secondaire » opstinn.

  Wann de Minister elo « en public » seet, dass all Kand, dat an der Grondschoul op Franséisch alphabetiséiert gëtt, fir säi weidere Parcours am « Enseignement secondaire » eng garantéiert Plaz an enger internationaler Schoul zougesot kritt, da bréngt dat awer eng gewëssen Ongerechtegkeet mat sech. Kanner, déi op Däitsch alphabetiséiert goufen an hir Scolaritéit an engem internationalen ëffentleche Lycée virufuere wëllen, kréien déi Garantie net. Well d'Plaze begrenzt sinn, kënne si vun dësem Lycée ofgewise ginn. Fir den SNE/CGFP kann an däerf et op kee Fall sinn, dass d'Alphabetiséierungssprooch e Virdeel oder en Nodeel am schoulesche Parcours mat sech bréngt, an dëst aus Equitéitsgrënn vun alle Schüler.





- Doriwwer eraus insistéiert den SNE/CGFP drop, bei der Begleedung vun dëse Pilotprojeten mat agebonnen ze ginn.

  Ausserdeem fuerdere mir eng seriö, onofhängeg a wäitreechend Evaluatioun vum Pilotprojet an dat wärend senger ganzer Dauer.

## 2. Neit Schouljoer, al Problemer

En neit Schouljoer, awer eng Rei Problemer sinn déi selwecht bliwwen.

### A. Attraktivitéit vum Enseignantsberuff

D'Attraktivitéit vum Enseignantsberuff an domadder verbonnen, d'Ausbildung an de Rekrutement vu genügend Enseignantë fir de Besoine vun den nächste Jore gerecht ze ginn, ass nach ëmmer eng vun deene gréisste Problematiken an Erausfuerderungen, déi sech stellen.

An deem Kontext gi mir ës net midd ze fuerderen, dass och Lëtzebuerg d'initial Schoulmeeschteschausbildung op Masterniveau hiewe muss, esou wéi dat an deene meeschten europäesche Länner de Fall ass. Duerch eng generell Ausbildung op Masterniveau géif de Beruff op jiddwer Fall revaloriséiert ginn an d'Studente wären och besser op déi aktuell an zukünfteg Defie virbereet.

Fir de Schoulmeeschteschberuff nees méi attraktiv ze maachen, muss d'Schoulhalen nees d'Kärgeschäft vum Enseignant ginn, déi administrativ Aarbechte

mussen op e strikte Minimum reduzéiert ginn an onnéideg Formalitéite mussen ofgeschaaft ginn. All dem Enseignant seng Energie soll sech op seng Haaptmissioun, d'Schoulhale, konzentréieren.

Och bei der Hëllef fir d'Kanner mat spezielle Besoinen muss den administrativen Opwand op e Minimum reduzéiert ginn. Mir brauchen eng séier an onbürokratesch Hëllef fir dës Kanner. Hëllef um Kand muss am Mëttelpunkt stoen, an net d'Prozeduren.

Zefridden ass den SNE/CGFP awer, dass de Minister elo endlech enger laangjäreger Fuerderung vum SNE/CGFP Rechnung dréit. Esou soll elo endlech eng Rekrutementscampagne lancéiert ginn, mam Zil, onse Beruff ze promovéieren, esou wéi aner Ministèren dat mat Erfolleg gemaach hunn.

Wou mir vun Attraktivitéit schwätze musse mir natierlech och iwwert déi sougenannte Quereinsteiger schwätzen.

## B. De Quereinsteiger

De MENJE huet jo wëlles, ab nächstem Joer, wann déi éischt Quereinsteigermesure ausleeft, den Detenteure vun engem Bachelordiplom, deen am Zesummenhang mat der Schoul steet (Psychologie, Sproochen, Mathematik, Sozialwëssenschaften, Pedagogik, etc.) d'Méiglechkeet vun engem Studium vu 60 ECTS op der Uni.lu ze ginn. Dëse soll hinnen dann den Zougang zum Schoulmeeschteschberuff erlaben.

Dass elo einfach eng nei Versioun vu Quereinsteiger soll agefouert ginn, ass sech d'Saach awer an den Ae vum SNE/CGFP da wierklech ze vill einfach gemaach. Fir den SNE/CGFP kann dat net d'Léisung sinn! Den neie Projet vu Quereinsteiger wäert vun de Studenten, déi de reguläre Wee iwwert e Studium vun den Erzéiungswëssenschaften ageschloen hunn, alt nees wéi e Schlag an d'Gesiicht empfonnt ginn. Firwat sollt ee sech vun Ufank un an e Studiegang an Erzéiungswëssenschaften aschreiwen, wann ee och no engem Bachelor an engem Fach, dat am Zesummenhang mat der Schoul steet, an no engem «Crashstudium» an den Erzéiungswëssenschaften de Schoulmeeschteschberuff kann ergräifen?

Den SNE/CGFP gëtt ze bedenken, dass den Diplom vum Bachelor an Erzéiungswëssenschaften, also de reguläre Wee zum Beruff vun der Léierin an dem Schoulmeeschter, eng « Einbanstrooss » ass, déi just zum Schoulmeeschteschberuff féiert, wärend de Wee iwwert de Quereinsteiger, och deen neie Quereinsteigerprogramm, engem eng vill méi grouss Palett u Méiglechkeete léisst, wéi de reguläre Studium an den Erzéiungswëssenschaften.

Den SNE/CGFP fäert dofir, dass sech duerch dëse Projet vum Minister Meisch nach manner Kandidate fir e Studium an den Erzéiungswëssenschaften entscheeden. Dës Devalorisatioun vum Studium a vum Beruff kënne mir ons net gefale loossen.

Dëst ass en absolutten No-Go fir den SNE/CGFP.

Hei hätte mir ons e bësse méi Courage vum Minister erhofft an erwaart. Mir brauchen nohalteg Äntwerten op d'Penurie un Enseignanten an dat kann nëmme geschéien, wann de Beruff revaloriséiert, an doduercher méi attraktiv gëtt.

Wann den Här Meisch seet, dass Schüler mat 18 Joer nach net all wëssen, wat si am spéidere Liewe wëlle maachen, dann huet hien doutsécher Recht. Amplaz elo awer en neie Quereinsteigerprogramm anzeféieren, hätt den Här Minister déi regulär

Ausbildung vum Léierpersonal reforméiere sollen. E Bachelor an engem Fach a Relatioun mat der Schoul an duerno e Masterstudium an de « Sciences de l'Education » mat engem Ofschloss um Niveau vun engem Masterdiplom ass an den Ae vum SNE/CGFP déi beschtméiglechst Ausbildung fir Léierpersonal vum « Enseignement Fondamental ».

Domadder wär dee vum Här Meisch opgeworfene Problem, dass jonk Leit nach net wëssen, wat si am spéidere Liewe maache wëllen, fir all d'Studente geléist. Et féiert eben definitiv kee Wee laanscht e Masterstudium fir d'Enseignanten, well d'Defien an d' Usprëch un de Beruff definitiv an den nächste Joren net ofhuele wäerten.

Fir den SNE/CGFP ass et kloer: An dësem Dossier wäerte mir net labber loossen.

Well d'Ausdauer fir Fuerderungen ze stellen huet heiansdo dann awer Erfolleg.

Esou gëtt, och duerch den Drock vum SNE/CGFP, d'Zuel vun de Studenten an den Erzéiungswëssenschaften op der Uni.lu signifikant erhéicht.

## C. Contingent

Beim Contingent schéngt den Drock vum SNE/CGFP nach net héich genuch gewiescht ze sinn, well an deem Dossier ass nach ëmmer glat a guer näischt geschitt.

Fuerderunge vum SNE/CGFP sinn op jiddwer Fall nach ëmmer déi selwecht:

- Eng Adaptatioun vum «Mode de calcul». D'Klassemoyenne fir d'Berechnung vum Contingent muss vu 16 op 15 erofgesat ginn;
- Den « Indice social » muss de « Contingent de base » méi staark beaflosse kënnen an et doduerch erlaben, méi Personal an déi Schoulen ze kréien, wou d'sozial Begebenheeten net esou gutt sinn
- D'Schüler mat spezifesche Besoine mussen och onbedéngt am Contingent berücksichtegt ginn.
- Fir den Erausfuerderungen am Zykel 1 gerecht ze ginn a fir d'Kanner besser op den Zykel 2 virzebereeden, mussen d'Ressourcen am Zykel 1 erhéicht ginn. Genau esou wéi et am Précoce de Fall ass, fuerdert den SNE/CGFP eng zweet Persoun an all Klass vum Zykel 1.

## D. Task Force

Mir brauchen an eise Schoule genuch a gutt forméiert Léierpersonal, fir eis Kanner beschtméiglech encadréieren a fërderen ze kënnen. Mee just mat méi Léierpersonal eleng kréie mir déi komplex a schwiereg Situatioun an eise Schoulen net an de Gréff. Mir brauchen an all Schoul eng Preventiouns- an Interventiounsstruktur, bestoend aus Spezialisten aus verschiddenen Domänen, wéi zum Beispill Educateuren, Infirmier/-ièren an Assistant(e)-sociallen, fir nëmmen déi ze nennen. Dofir fuerdert den SNE/CGFP an all Schoul esou eng Interventiounstrupp, eng sougenannten Task Force.

Dës Task Force kéint direkt intervenéieren, wann et an enger Klass brennt, fir dass den normalen Unterrecht net gestéiert gëtt. Des Weidere kéint dës Task Force bei der

« Assistance médicale » bei Kanner, déi e « Projet d'accueil individualisé » (PAI) hunn, intervenéieren.

D'« Mise en place » vu Preventiounsmesurë kéint och eng Missioun vun dëser Task Force sinn. Dëst Personal géif d'Betreiung vu verhalensopfällege Schüler a Kanner, déi eng medezinesch Betreiung brauchen, assuréieren.

Wéi schonn e puermol gesot: Et géif dëser Task Force definitiv net un Aarbecht feelen.

Des Weidere muss d'Zuel vun I-EBSen erhéicht an d'ESEB-Ekipp personell verstäerkt ginn. Mir brauchen dëst spezialiséiert Personal, well d'Zuel u Kanner mat spezifesche Besoinen ëmmer méi zouhëlt.

Et kann net sinn, dass weder eis I-EBSen nach d'Personal aus den ESEB-Ekippen net ersat ginn, wa si krankheetshalber feelen. Dëst ass en absolutten No-Go fir den SNE/CGFP! Dofir fuerdere mir, dass och e « Pool de Remplaçants » geschafe gëtt, fir dat spezialiséiert Personal, dat an der Grondschoul intervenéiert, ze ersetzen.

A wa fir e Kand de reguläre Schoulbesuch net méi méiglech ass, da soll eng temporär Betreiung an den adequate Kompetenzzentren direkt kënne garantéiert ginn. Bei verschiddene Kompetenzzentren muss et do zu engem Sënneswandel kommen. An den Ae vum SNE/CGFP si Kompetenzzentren net just do, fir d'Enseignanten ze coachen oder ze beroden, mee hir Haaptmissioun misst et sinn, Kanner, déi besonnesch Besoinen, Verhalensproblemer oder Léierdefiziter hunn, mat hirem spezialiséierte Personal ze encadréieren an opzefänken.

Mir soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Patrick Remakel, President vum SNE/CGFP



Patrick Remakel,
President SNE/CGFP

sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

**Resolutioun vum SNE/CGFP**
**zur Aféierung vum e-Bichelchen**

De 7. Juli 2022 huet den Educatiounsminister an enger Pressekonferenz dat neit Konzept vun der Hausaufgabenhëllef virgestallt, dat jo ab dëser Rentrée ëmgesat gëtt.

Am Kader vun der flächendeckender Hausaufgabenhëllef soll dat sougenannten e-Bichelchen d'Kommunikatioun tëschent der Schoul, der Maison relais an den Elteren assuréieren.

D'Enseignanten, d'Educateuren, d'Elteren, mee och d'Kand selwer hunn Accès op dëst digitaalt Hausaufgabenheft.

Fir den SNE/CGFP ass eng gutt Kommunikatioun tëschent der Schoul, der Maison relais an der Famill vu grousser Wichtegkeet, an dat och a Punkto Hausaufgaben.

Mee wien elo mengt, dës Kommunikatioun wär bei den Hausaufgabe bis elo inexistent gewiescht, deen iert sech gewalteg.

Jo, och scho virun dësem Schouljoer huet d'Léierpersonal mat der Maison relais an der Famill iwwer divers Kanäl matenee kommunizéiert. Iwwert wéi ee Kanal dat geschitt, dat ass an den Ae vum SNE/CGFP net relevant.

Firwat solle funktionéierend, iwwer Jore bewäerte Kommunikatiounsweeër tëschent der Schoul an den anere Schoulpartner elo op eemol ofgeschaaft ginn, nëmme fir engem e-Bichelche Plaz ze maachen?

Dem Enseignant muss et fräigestallt bleiwen, op wéi eng Manéier hie mat den Elteren an der Maison relais kommunizéiere wëllt, net nëmmen dëst Joer, mee och an Zukunft.

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

Niewent der Tatsaach, dass an eise Schoule schonn aner erproufte Kommunikatiounsweeër mat den Elteren an der Maison relais existéieren, ginn et an den Ae vum SNE/CGFP awer nach genuch aner Argumenter, déi géint en obligatoreschen, generaliséierten a flächendeckende Gebrauch vum e-Bichelche schwätzen.

- <u>Deresponsabiliséierung vum Kand</u>

Beim Gebrauch vun engem klasseschen Hausaufgabenheftchen huet den Enseignant d'Hausaufgab entweder un d'Tafel geschriwwen oder diktéiert an et ass dem Kand seng Verantwortung, dat anzedroen. D'Kand ass vun Ufank un agebonnen a muss Responsabilitéit iwwerhuelen. Nëmmen esou gi wichteg transversal Kompetenze geférdert an d'Kanner kënnen zu autonome Schüler eruwuessen.

- <u>Ass déi fortschreitend Digitaliséierung néideg fir d'Kanner aus dem Enseignement fondamental?</u>

Et ass dem SNE/CGFP wuel bewosst, dass déi digital Medien an eiser Gesellschaft ëmmer méi u Wichtegkeet gewannen. D'Fro stellt sech awer a wéi engem Mooss an ab wéi engem Alter d'Kanner mat digitalen Inhalter an Outile konfrontéiert solle ginn. Besonnesch bei klenge Kanner féieren d'Experten ëmmer erëm un, digital Medie «mat Beduecht» anzesetzen, zemools déi och oft mat Gefore verbonne sinn. An deem Alter spillen och nach aner Kompetenzen eng Roll, déi et gëllt ze entwéckelen. An den Ae vum SNE/CGFP gehéiert dat handschrëftlecht Schreiwen zu de Grondkompetenze vum «Enseignement fondamental». D'Entwécklung vun der Handschrëft geschitt och iwwert kleng Tâchen, déi d'Kand reegelméisseg a sengem Alldag erleedegt.

No dëse staarken Argumenter, déi géint en obligatoreschen Asaz vum e-Bichelchen an de Grondschoule schwätzen, ass den SNE/CGFP awer bereet, mat op de Wee vun engem fakultative Gebrauch vum e-Bichelchen ze goe fir déi Enseignanten, déi mam e-Bichelche wëlle schaffen.
An deem Zesummenhang bedauert den SNE/CGFP, dass d'e-Bichelchen

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

sne
syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

net wärend enger gewësser Zäit an engem Pilotprojet erprouft ginn ass mam Zil eng Partie Kannerkrankheeten ze eliminéieren an de Gebrauch ze vereinfachen.

D'Fuerderunge vum SNE/CGFP si kloer:

**De Gebrauch vum e-Bichelchen däerf net zu engem méi groussen administrativen an zäitintensiven Opwand féieren.**

D'e-Bichelche soll derzou déngen, d'Aufgaben un d'Schoulpartner ze kommunizéieren a soll sech och dorobber limitéieren. D'Handhabung vum Outil muss esou einfach wéi méiglech gehale ginn. Et misst zum Beispill och méiglech sinn de Wocheplang als PDF eropzelueden, ouni mussen all Aufgab eenzel all Dag anzedroen.

**Den Zougang zum e-Bichelche muss fir all Concernéierte garantéiert sinn.**

Ass et wierklech realistesch dovun auszegoen, dass jiddereen iwwert dat néidegt informatescht Material verfüügt, fir Zougang zum e-Bichelchen ze hunn? Des Weidere muss ee sech d'Fro stellen, ob d'Contenuen, déi am e-Bichelche stinn, wierklech esou sensibel sinn, dass ee se esou staark securiséiere muss?

**Op Grond vun all dësen Argumenter fuerdert den SNE/CGFP, dass de Gebrauch vum e-Bichelchen och an Zukunft fakultativ bleiwe muss.**

Dem Enseignant muss et fräigestallt bleiwen, op wéi eng Manéier hie mat den Elteren an der Maison relais kommunizéiere wëllt a wéi hie seng Schüler an dëse Prozess mat abanne wëllt, an dat net nëmmen dëst Joer, mee och an Zukunft.

Dës Resolutioun gouf den 11. Oktober 2022 vun der Assemblée des Délégués vum SNE/CGFP ugeholl.

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie

Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56

B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

sne@education.lu
www.sne.lu

# Solidarité internationale



La conférence spéciale du Comité syndical européen de l'éducation (CSEE), la région européenne de l'Internationale de l'Éducation, s'est déroulée les 5 et 6 juillet 2022 à Liège.

Les représentants des affiliés du CSEE ont discuté de trois documents clés :

- Une résolution sur le thème de la conférence : « Engagement et activités des syndicats en Europe : se mobiliser pour une éducation publique de qualité, au profit des élèves, et pour une amélioration du statut de l'ensemble du personnel de l'éducation »
- Une résolution en faveur de la paix en Ukraine
- Un document d'orientation politique : « Renforcer le statut et l'attrait de la profession enseignante »

Après l'accueil des participants par la ministre de l'Éducation de la Communauté germanophone de Belgique, Stefaan Hermans, directeur de la stratégie politique et de l'évaluation à la Direction générale Éducation, Jeunesse, Sport et Culture de la Commission européenne a souligné l'importance du dialogue social, inscrit dans le Traité européen.

A la suite de l'allocution thématique de David Edwards, secrétaire général de l'Internationale de l'Éducation, Larry Flanagan, président du CSEE a invité les syndicats de l'éducation à se mobiliser pour revendiquer une éducation de qualité et inclusive.

Selon lui, nous devons faire pression sur les responsables politiques afin de faire entendre nos revendications. L'expertise des enseignants doit être prise en compte dans les politiques éducatives, car ce sont eux qui connaissent au mieux les besoins du personnel enseignant.

Un des moments forts de la conférence, était certainement la participation en ligne de Georgiy Trukhanov, président du syndicat ukrainien du personnel de l'éducation et des sciences, qui a expliqué que son syndicat avait conclu un accord avec le ministère de l'Éducation afin d'interdire tout licenciement et de maintenir le salaire moyen, ainsi que de garantir le droit de travailler à distance. Les délégués ont exprimé leur solidarité envers le personnel enseignant ukrainien et la Résolution pour la paix en Ukraine a été approuvée à l'unanimité.

# Accès à l'échelon 14

## Les enseignants bénéficiant d'un service à temps partiel ou de divers congés sont désavantagés

L'article 13 de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitement et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État arrête les conditions d'accès des enseignants du groupe de traitement A2 aux grades 13 et 14.

Ainsi l'accès au grade 13 est subordonné à l'accomplissement d'au moins douze années de grade depuis la première nomination et à la condition d'avoir accompli au moins 12 jours de formation continue, ce qui correspond dans l'enseignement à l'équivalent d'au moins 72 heures de formation. De même, l'avancement en traitement au grade 14 est soumis à l'accomplissement de vingt années de grade à compter de la première nomination et à la condition que l'enseignant puisse se prévaloir d'au moins 30 jours de formation continue, correspondant à l'équivalent d'au moins 180 heures de formation.

Pour les enseignants auxquels s'applique le régime transitoire (instituteurs et institutrices classé(e)s au grade E5 du tableau indiciaire transitoire de la Rubrique Enseignement), l'article 50, paragraphe 5 de la loi modifiée du 25 mars 2015 précitée précise qu'ils doivent avoir accompli au moins trente journées (180 heures) de formation continue au cours de leur carrière avant de pouvoir accéder à l'échelon 14 et suivants du grade E5.

Le SNE/CGFP rappelle que le nombre d'heures de formation continue à accomplir obligatoirement par les enseignants bénéficiant d'un service à temps partiel ou de certains congés (p.ex. congé parental à mi-temps) est fixé proportionnellement au nombre d'heures que les instituteurs assurant un service à temps complet doivent effectuer. Tout en soulignant le bien-fondé de cette disposition, le SNE/CGFP constate néanmoins que les enseignants bénéficiant d'un ou de plusieurs congés de maternité, de congés parentaux et/ou d'un service à temps partiel n'arrivent parfois pas à remplir les conditions d'accès aux grades 13 et 14 après respectivement 12 et 20 années de grade depuis la première nomination, même s'ils ont suivi le nombre d'heures de formation continue exigé et prescrit par le règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental. Il en va de même pour les institutrices et les instituteurs repris dans le « tableau indiciaire transitoire de la Rubrique Enseignement » qui, eux-aussi, ne peuvent souvent pas satisfaire aux conditions d'accès à l'échelon 14 du grade E5.

Le SNE/CGFP ne peut accepter que des enseignants soient pénalisés en se voyant refuser une promotion ou un avancement parce qu'ils ont bénéficié de congés et/ou de services à temps partiel qui leur ont été accordés et qui ont été souvent pris pour élever leurs enfants.

Partant, le SNE-CGFP demande avec insistance que le Ministre de la Fonction publique et le Ministre de l'Éducation nationale trouvent une solution à cette situation intolérable et prennent les mesures nécessaires pour remédier à cette discrimination.

Le comité central du SNE/CGFP






N°6760
Entrée le 02.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.09.2022

FRAKTIOUN CSV

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 2. September 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

An der Grondschoul feelt et weiderhin u genuch Léierpersonal. Well net genuch „brevetéiert" Léierinnen a Schoulmeeschteren disponibel sinn, gëtt och fir d'Schouljoer 2022/2023 op „Quereinsteiger" (Détenteurs d'un bachelor en relation avec un des objectifs de l'enseignement fondamental) zréckgegraff.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Wéi vill nei Poste sinn dëst Joer an der Grondschoul besat ginn?
  - Wéi vill dovu vu qualifizéierten Enseignanten?
  - Wéi vill dovu vu Quereinsteiger?
  - Wéi eng Ausbildung haten dës Quereinsteiger ?
  - No wéi enger Critère ginn d'Quereinsteiger erausgewielt, wa méi Kandidaten do sinn ewéi Posten a wie mécht déi Selektioun?
- Zu wéi engem Zäitpunkt kréien d'Kandidate Bescheed gesot?
  - Kréien si bei enger Ofso och eng detailléiert Argumentatioun?
  - Wann net, firwat net ?
- Wéi vill Ausbildungsplaze gëtt et aktuell fir de „Bachelor en Sciences de l'Education" op der Uni Lëtzebuerg?
- Wéi wäit sinn d'Verhandlungen tëschent dem Ministère an der Uni, fir des Unzuel an d'Luucht ze setzen?
- Wéi vill Studente kënne fir dat nächst Ausbildungsjoer ugeholl ginn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6760 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

**Ad 1)**

Fir d'Schouljoer 2022/2023 goufen insgesamt 289 nei Enseignantë rekrutéiert. D'Opdeelung ass déi heiten:

| | |
|---|---|
| Brevetéiert Enseignanten | 174 |
| Kandidate mat engem Bachelor, deen a Relatioun mat engem vun den Objektiver vum Enseignement fondamental steet | 115 |
| **Total** | **289** |

Fir all weider Informatioune verweisen ech am Kontext vun dëser Fro op meng Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 6677 vun den honorabelen Deputéierte Josée Lorsché an Djuna Bernard.

**Ad 2)**

Wärend der Rekrutéierungsphas versammelt sech d'Kommissioun, déi fir de Rekrutement vun de Kandidate mat engem Bachelor, deen a Relatioun mat engem vun den Objektiver vum Enseignement fondamental steet, zoustänneg ass[1], reegelméisseg, fir déi agereechten Dossieren ze analyséieren.

An dësem Zesummenhang ginn d'Kandidaten esou séier ewéi méiglech an no der jeeweileger Kommissiounssëtzung iwwert d'Decisioun zu hirer Kandidatur informéiert. Dëst Joer goufen déi entspriechend Bréiwer tëscht Mëtt Juni an Ufank August verschéckt.

Och hei géing ech fir weider Detailer op meng Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 6677 verweisen.

**Ad 3) - 5)**

D'Uni Lëtzebuerg huet momentan eng Kapazitéit vun 120 Plazen fir Studenten, déi sech am Bachelor en Sciences de l'Éducation kënnen am éischte Joer aschreiwen. Am akademesche Joer 2022/2023 sinn aktuell 119 Studenten am éischte Joer vun dëser Formatioun ageschriwwen. Et ass virgesinn, dës Zuel am Joer 2024/2025 op e Maximum vun 180 Plazen eropzesetzen.

Lëtzebuerg, de 7. Oktober 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

[1] Dës Kommissioun ass gesetzlech festgehalen am Artikel 19 bis vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental*

N° 6853
Entrée le 16.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.09.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 16. September 2022**

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Mat der Schoulrentrée 2022/23 soll am Kader vum neien Hausaufgabendispositif, den digitalen Tool „e-Hausaufgabenbichelechen" agefouert ginn. Mat dësem Tool solle souwuel Betreiungsstrukture wéi och d'Eltere kënnen de Suivi vun de Kanner hiren Hausaufgaben assuréieren. Den Enseignant op der aner Säit notéiert hei sämtlech Hausaufgaben a kann och d'Bemierkunge vun dem Betreiungspersonal sou wéi den Elteren an der App liesen, falls Schüler nach Schwieregkeeten oder soss Problemer mat den Aufgaben haten.

An deem Kontext géife ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Ass den Tool respektiv d'App «e-bichelchen.lu», dee vum CGIE entwéckelt gouf, obligatoresch ab dem Schouljoer 2022-2023 fir all d'Schoulpartner (Enseignants, éducateurs, Elteren) oder duerfen och aner Tools benotzt ginn, déi haut schon um Marché verfügbar sinn (Dimmi, Schoolfox, ...)?
- Ass geplangt den Tool «e-bichelchen.lu» an Zukunft och nach auszebauen, sou dass en net just exklusiv Hausaufgabe ka verwalten, mä och aner Funktionalitéite kritt wéi z.B. allgemeng Kommunikatioun mat den Elteren etc.?

Vill Schoulen notze schonns aner digital Tools, déi deelweis déi selwegt oder méi Funktionalitéite besëtze wéi d' «e-bichelchen.lu».

- Ass et am Kader vun der simplification administrative sënnvoll, dass d'Elteren herno méi Appen ze verwalten hunn?
- Besteet net d'Gefor, dass et herno ee groussen Duercherneen entsteet respektiv d'Elteren iwwerfuerdert sinn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6853 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

**Ad 1)**

Den Educatiounsministère huet d'Applikatioun *e-Bichelche* vum CGIE entwéckele gelooss en vue vun enger eenheetlecher Organisatioun vun der Hausaufgabenhëllef, an dat fir all Enseignanten, Erzéier, Elteren a Kanner. Dës Applikatioun, déi deemnächst och als App fir *iOS* an *Android* disponibel gëtt, ass gratis a soll de Suivi vun den Hausaufgabe vun de Kanner vereinfachen an dat doheem, an der Maison relais oder a soss enger Betreiungsstruktur.

D'Schouljoer 2022/23 ass geduecht als Pilotphas, wou Enseignanten, Erzéier, Elteren a Schüler sech solle mat der App familiariséieren. Vun der Rentrée 2023/24 un ass gewënscht, datt dësen Outil dann all Dag an iwwerall an den Asaz kënnt.

Mir si bewosst op de Wee gaangen, fir en eegenen Outil ze entwéckelen, well mir domat op intern Datebanke kënnen zeréckgräifen, wat bei scho besteeënden Applikatiounen aus Dateschutz-technesche Grënn net méiglech ass. D'Zeréckgräifen op intern Datebanken bitt och d'Potential fir weider zukënfteg Entwécklunge vun dëser neier Applikatioun. Et sief nach drop higewisen, datt sämtlech perséinlech Donnéeën an den Datenzentre vum CGIE zu Lëtzebuerg gespäichert an traitéiert ginn, dëst am Aklang mat de Finalitéiten, wéi se am Gesetz vun 2013 iwwer d'Schülerdatebank festgehale goufen.

**Ad 2)**

D'*e-Bichelche* wäert an deenen nächste Schouljore permanent ausgebaut ginn, fir nei Funktionalitéiten dobäizesetzen wei z. B. e Kommunikatiounsmodul fir Enseignanten an Elteren, en digitaalt Klassebuch, eng Gestioun vun den Absencen, asw. Och wann et vergläichbar Outilen um Marché gëtt, esou gëtt et keng kommerziell Applikatioun, déi mat de besteeënden informatesche Systemer vum CGIE interoperéiert.

**Ad 3) a 4)**

